150 Joer Chorale Sainte Cécile Hachiville - Hoffelt - Weiler

1863-2013

Houfelt, am Dezember 2012

Léif Frënn van der Chorale Ste Cécile Helzen, Houfelt a Weiler

Ënnert dem Patronage vum Kulturministär, dem Piusverband an der Geméng Wëntger han mer d'Éier nächst Joer eisen 150.ten Jubiläum kannen ze feieren.

Viran 1863 bestong ewell zu Helzen éng Musikgesellschaft, dëst op Impuls van éngem Zollbeamten. Mee eméi dësen fortgezugen ass louchen dës Talenter broch. Op Initiativ vam Schoulmeester Mathias Jacoby gouf am Joer 1863 dës Musikgesellschaft an ee Gesangveräin ëmgewandelt. De Verein hat afanks den Nam „Eintracht von Helzingen".

Dëst Jubiläumsjorfeier van eisem Männerchouer wëllen mer nächst Joer méi grouss feieren mat folgendem Programm:

7. Januar 2013:	*Kantonalversammlung vum Pius-Verband am Barteshaus zu Houfelt, ewou eisen Jubiläumsprogramm virgestallt gëtt.*
20. Januar 2013:	*Dat 36. Antoniusfest zu Houfelt. D'Mass gëtt gesungen vom Jubiläumsverein an der Chorale Ste Cécile van Dikkrich, Festprediger ass den Här Dächen Jos Roemen. Antoniusessen am Sall zu Helzen.*
24. Mäerz 2013:	*Uergel- a Gesangsconcert zu Helzen mam Paschtouer Joël Santer. (Porverband Helperknapp) duerno Empfank am Sall zu Helzen.*
07. Abrëll 2013:	*Kommuniounsfeier fir de Porverband Wëntger zu Houfelt, gesungen vam Jubilarverein an dem portugiesischen Kouer van Cliärref.*
12. Abrëll 2013:	*Concert spirituel zu Houfelt mat der Lëtzebuerger Militärmusik, Empfank am Barteshaus zu Houfelt.*
21. Abrëll 2013:	*Mass zu Houfelt gesungen vam Männerkouer van Rued/Syr duerno Empfank an der Schoul zu Houfelt.*
04. Mee 2013:	*Am Centre culturel zu Wëntger: Concert mat de Männerkéier Béiwen/Attert an Lyra Ettelbréck duerno Empfank zu Wëntger.*
26. Mee 2013:	*Mass zu Helzen gesongen van der Chorale Ste Cécile van Weiswampich, Empfank am Sall zu Helzen.*
15. Juni 2013:	*Firmung zu Houfelt fir de Porverband Wëntger mam Här Äerzbëschof Claude Hollerich gesungen van der Chorale Réuni Wëntger.*
07. Juli 2013:	*Klauserdaag: Prozession an d'Klaus a Begleedung van der Wëntger Musik duerno Empfank am Sall zu Helzen.*
14. Juli 2013:	*Mass zu Helzen, gesungen van der „Maitrise de la Cathédrale" Lëtzebuerg duerno Empfank am Sall zu Helzen.*

15. August 2013: *Rousenkranzprozession zur Klaus + Mass fir de Porverband Wëntger an d'Pilger.*

22. September 2013: Porverbands- an Erntedankfest am Sall zu Helzen gesungen vam Jubilarverein.

28. September 2013: Duarefkonveniat Helzen, Houfelt, Weiler am Sall zu Helzen verbonnen mat Fotoausstellung aus eisen Dierfer.

06. Oktober 2013: *Radiosmass zu Helzen gesungen vom Jubilarverein, iwerdroen op DNR duerno Empfank am Sall zu Helzen.*

27. Oktober 2013: *Sängertreffen zu Houfelt an der Kirich vam Dekanat Cliärref a Präsenz van Vertrieter vam Piusverband duerno Éierewäin am Sall zu Helzen.*

24. November 2013: Cäcilienmass zu Helzen fer all eis verstuarwen Memberen gesungen vam Jubilarverein mat den aktiven Memberen van Fréiher. Duerno Empfank am Sall zu Helzen.

01. Dezember 2013: Concert am Kader vom Marnicher Festival vam Ensemble CANTICA Lu an éngem Bléiserensembel. Empfank am Barteshaus zu Houfelt.

Där kannt eise Programm ënnerstëtzen mat éngem Don op eise Konto

CCRALULL :LU89 0090 0001 0005 9526.

Wien sain Don wëll steierlich ofsetzen, kann dat nëmme mat éngem Virement un de Piusverband man:

Union Ste Pie X BCEELULL: LU03 0019 2455 8929 5000

mat der Motioun: Don Chorale Ste Cécile Helzen, Houfelt, Weiler

Am Viraus en häerzliche Merci fir är Ënnerstëtzung.

All Betrieb oder Firma kann eis hiren Logo schécken iwert folgenden E-Mail: chorale@hhw.lu.

Op dem Flyer van den eenzelnen Concerten iwerdroen mer ären Logo ewéi o op eiser Internetsäit: chorale.hhw.lu, hei kënnt Dir o an eise Programm erakucken.

Mer droen de Wonsch, dat där regen Gebrauch mat van eisem Programm 2013.

Fir d'Organisateuren vam Programm 2013

De President vam Comité van der Chorale HHW

Gig Schmit